PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
06 SEP. 2019
1163

Lëtzebuerg, den 06/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun a Medien, Finanzen, Ëffentlechen Déngscht & Kommunikatioun a Medien weiderzeleeden.

An der Äntwert aus menger parlamentarescher Fro n°881 goung ervir, dass de Verbrauch an d'Käschte vum Pabeier beim Staat relativ stabil bliwwen ass. Och wa verschidde Prozeduren digitaliséiert ginn, esou setzt de Staat aktuell nach vill op de Pabeierdrock fir zum Beispill Informatiounsbroschüren hierzestellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi sinn d'Drockopträg beim Staat gereegelt? Gi gréisser Drockopträg iwwert ee Marché public bestëmmt oder existéiert eng Konventioun tëscht dem Staat an engem Fournisseur?

2. Kann d'Regierung eis eng Lëscht vun den Drockopträg opstellen, dëst opgeschlësselt no
   - Joer (vun 2012 bis 2019),
   - no Fournisseur (D'Dréckerei)
   - a nom Käschtevolume fir all d'Opträg vum Fournisseur fir dat Joer?

3. Setzt d'Regierung bei den Drockopträg dorobber, dass de Fournisseur Recyclingspabéier benotzt?
   - Falls nee, wéi vill Prozent vun den Opträg ginn op normalem Pabeier gedréckt?

4. Ginn bei den Drockopträg Faarwen op Uelegbasis benotzt?
   - Falls jo, wisou setzt d'Regierung hei net op planzlech Faarwen?

5. Ginn Drockprodukter, déi net méi gebraucht ginn, recycelt?

6. Gëtt bei den Drockopträg och d'Nohaltegkeet vum Fournisseur consideréiert, wéi zum Beispill d'CO2-Bilanz?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
07 OCT. 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 7 octobre 2019

Concerne : Question parlementaire n° 1163 du 6 septembre 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen – « Aspects écologiques des travaux d'impression de l'État »

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous transmettre la réponse de Monsieur le Ministre Marc Hansen à la question parlementaire n°1163 du 6 septembre 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Pour le Ministre délégué à la Digitalisation

Gaston SCHMIT
Premier Conseiller de Gouvernement

Äntwert vum Här Marc HANSEN, Delegéierte Minister fir Digitaliséierung op déi parlamentaresch Ufro Nr. 1163 vum Här Deputéierten Marc GOERGEN.

Déi divers Ministèren, Administratiounen a Servicer vum Lëtzebuerger Staat kënnen bei der Staatsdréckerei (Centre des technologies de l'information de l'État – Division imprimés et fournitures de bureau) all hier Drocksaachen, ewéi zum Beispill Entête-Pabeier, Visitëkäertercher, Enveloppen, Dépliants, Schoulbicher oder Broschüren bestellen. Et ass awer och méiglech, datt eng Entitéit beim Staat iwwert eng Agence de Communication fiert an den Drockoptrag net iwwert den CTIE vergi gëtt. Verschidden Opträg ginn aus Sëcherheets- an Confidentialitéitsgrënn an der Staatsdréckerei selwer gedréckt.

Am Prinzip hëlt de CTIE d'Bestellungen op, freet Offeren bei de privaten Dréckereien an géréiert och den Oflaf vun den Drockopträg.

D'Opträg ginn conforme zu der Legislatioun fir d'Marché publicen verginn. An deene meeschten Ufroen, handelt et sech awer em kleng Montanten, an deementspriechend ass oft keen Marché public noutwenneg. Generell, ginn Präisser bei e puer Dréckereien ugefrot an de bëllegsten Ubidder gëtt geholl.

Déi folgend Tabell weist d'Unzuel vun den Opträg an den enstpriechenden Budgetsvolumen fir d'Joren 2013 bis 2019. D'Opträg sinn op ronn 60 verschidden Drëckereien verdeelt.

Joer	Budget	Unzuel un Opträg
2013	2.233.588,08 €	885
2014	2.167.004,40 €	931
2015	2.461. 809,74 €	1007
2016	2.451.194,50 €	999
2017	2.662.474,62 €	964
2018	3.001.240,53 €	992
2019	2.214.426,82 €	729

An den Opträg ass d'office certifiéiertem FSC oder PEFC Pabeier virgesinn. Wann eng Entitéit vum Staat déi e Produkt ufreet, ausdrécklech en aneren Support freet, gett d'Ufro vun der Entitéit respektéiert.

Aus Qualitéitsgrënn offréieren déi meescht Dréckereien e Produkt op Uelegbasis, woubäi, ofhängeg vum Optrag, verschidden Dréckereien och Faarwen op Basis vun pflanzlechen Uelegen notzen.

Wat den CTIE ugeet, ginn Drockprodukter déi net méi gebraucht ginn, via en spezialiséierte Fournisseur recycléiert. Op Ufro vun engem Ministère oder enger Verwaltung, kënnt de CTIE déi reschtlech Drockprodukter ofhuelen a gëtt se och engem spezialiséierte Fournisseur deen se recycléiert.

Grouss Dréckereien hunn normalerweis een oder méi ökologesch Labelen ewéi ënner aneren FSC, PEFC oder Carbon Neutral Printing.